Kulturpass

# SCIENCE

## SPEZIAL REESEN

11-18 Joer



NATUR MUSÉE

2/5 2026
Summer



## 11-13 Joer



Foto: Shutterstock

## 11-15 Joer



Foto: Shutterstock

## 13-15 Joer



## 14-18 Joer

# EIS FORMULE

## 1. 1-2 AKTIVITÉITEN ZUM THEEMA



Foto: Shutterstock



Foto: Shutterstock

Et wär flott, wanns du un all dësen Aktivitéiten deelhuele kéins.

## 2. CAMP



## 3. OFSCHLOSS



11-13 Joer

# EXPEDITIOUN ASTACIDAE

Mike HAGEN

Ons Missioun: Mir fänke Flosskriibsen, moossen a bestëmmen se an hëllefen domadder der Fuerschung e besseren Iwwerbléck iwwert d'Situatioun vun de Flosskriibsen zu Lëtzebuerg ze kréien. Dës Aktivitéit ass eng Virbereedung op den „Science-Camp zu Lëlz" .

MËT, 27.5.26
14:30 – 17:00

5 €

Guedber



Foto: Shutterstock



11-13 Joer

3.-7.8.2026

370 €

Lëlz

# SCIENCE CAMP ZU LËLZ

Jil FLIES, Annemie HARRAS

Um Programm stinn: mam Kanu an den Naturzentrum um Burfelt fueren, Solarboot bauen an testen, Waasseranalyse maachen, Stand-Up-Paddeling, all Dag an de Stau schwamme goen a villes méi.

Mir schlofen an der Jugendherberg zu Lëlz.

11-15 Joer

# MISSIOUN SOMRETTUNG

Sandrine AMANN, Catherine FABER

Zu Stengefort gouf et bis viru kuerzem nach eng ganz seele Planz. Mir probéieren hire ganz wäertvolle Som duerch e Parcours, op deem et sportlech a kniwweleg gëtt, vu Schmuggler zeréck ze kréien. Dës Aktivitéit ass eng Virbereedung op d'„Expeditioun Vogesen".

SAM, 27.6.26
10:00 – 15:00

5 €

Centre Mirador, Stengefort



Foto: Shutterstock



Foto: Shutterstock

11-15 Joer

21.-24.7.2026

450 €

Le Hohneck, Refuge du Sotré

# EXPEDITIOUN VOGESEN (FR)

Catherine FABER, Sandrine AMANN, Joëlle SCHMIT

Fuerschen, Klammen, Staunen...
Et erwaarden ons een Torfmouer mat fleeschfriessende Planzen, e spektakulären Dagesausfluch um sentier des roches, biologesch Analysen am Séi, eng Gämsebeobachtung bei Sonnenënnergang a villes méi...
Mir iwwernuechten am Refuge du Sotré.



Foto: Shutterstock

13-15 Joer

DON, 9.7.2026
16:00 – 18:00

5 €

Naturmusée

# DE ROUDE PLANÉIT

Mike HAGEN

Mir huelen onsen Nopeschplanéit méi genee ënnert d'Lupp, léieren Olympus Mons a Valles Marineris kennen a versiche mat Experimenter erauszefannen ob a wéi een um Mars liewe kéint. Och gi mer gewuer wou een den 11.Juli 2026 mueres de Mars mat bloussem An beobachte kann! Dës Aktivitéit ass eng Virbereedung op de „Space Camp 2026".

13-15 Joer

# SPACE CAMP 2026

Mike HAGEN

3 Deeg ganz am Zeeche vum Weltall: mir bauen onsen eegenen Teleskop, maachen ons op d'Sich no Meteoritten, huelen de Mound genee ënnert d'Lupp an entdecken nuets d'Stären an d'Planéite live.

Mir schlofen an der Jugendherberg zu Iechternach um Séi.

24.-26.8.2026

230 €

Iechternach



Foto: Shutterstock

14-18 Joer

# WÉI DRÉIEN ECH E FILM?

Annemie HARRAS

Bei dëser Aktivitéit kriss du gewise wéi ee méi kreativ a professionell Filmer mam Handy dréie kann. Dës Aktivitéit ass eng Virbereedung op de „Gletschertrekking".

SAM, 11.7.26
9:00 – 16:00

10 €

Mariendall (SNJ)



Foto: Shutterstock


Foto: Shutterstock

14-18 Joer

DËN, 14.7.26
16:00 – 18:00

5 €

Naturmusée

# ÄIS AM TEST

Annemie HARRAS

Mir maachen Experimenter ronderëm d'Äis a léiere wéi sech d'Waasser a gefruerenem Zoustand verhält. Dës Aktivitéit ass eng Virbereedung op den „Gletschertrekking".



Foto: Benoît Wagner

14-18 Joer

# GLETSCHERTREKKING (CH)

Annemie HARRAS

Beim Wanderen iwwert den Alteschgletscher erliewe mir d'Follge vum Klimawandel. Mir kucken eis d'Flora a Fauna vun de Schwäizer Alpe méi genau un, och wa mir dofir ganz frei opstoe mussen.
Mir iwwernuechten an engem Naturschutzgebitt uewen um Bierg op der Riederalp. (Et muss ee kierperlech fit si fir dëse Camp matzemaachen).



27.7.-1.8.26

730 €

Riederalp, Pro Natura Zentrum Aletsch

# OFSCHLOSSFEST BEIM LAGERFEIER

Annemie HARRAS, Christiane FLESCH

Kommt all op eist Ofschlossfest! Um Programm stinn: Spiller, Rätsele léisen, Fotoen a Filmer kucken an zum Schluss gemittlech beim Lagerfeier grillen a poteren.
Fir Iessen & Gedrénks ass gesuergt.

DËN, 8.9.26
16:00 – 21:00

10 €

FNEL-Home
Cents





11-13 Joer

11-15 Joer

13-15 Joer

14-18 Joer

## Umeldung

## Science Club

25 rue Münster L-2160 Lëtzebuerg
science-club@mnhn.lu
booking.mnhn.lu
**T** 46 22 33 312

All d'Aktivitéiten a Campen sinn och mat Kulturpass méiglech

KULTURPASS

PERIODIQUE

POST LUXEMBOURG

Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ
PS / 788

SCIENCE CLUB

NATUR MUSÉE